



sief dat am Krankheetsfall, sief dat bei Prise-en-chargé vu Fleegen, déi ech kréien, respektiv och bei Aarbechtsaccidenter.

Déi Cotisatiounen, déi engersäits entweder obligatoresch sinn, dat heescht, wann ech schaffen oder wann ech iergendeng Indemnitéit oder e Revenu hunn, op där anerer Säit awer och als Coassuré kënnen gëllen, dann, wann ech eben duerch eng Assurance vun der Sécurité sociale och mat couvriert sinn, bilden eng Ofdeckung vun Assuréeen dann och iwwer Familljen eraus respektiv op där anerer Säit virun allem och fir Kanner, déi hei direkt mat couvriert sinn. Also eng breet Ofsécherung ass do de Fall.

Et gëtt och, mengen ech, d'Méiglechkeet, datt a bestëmmte Fäll, wou d'Persounen net ofgeséichert sinn iwwer esou eng Méiglechkeet vun Assurance oder Coassurance, och de Stat ka supplementar hei asprangen, fir effektiv och eng Assurance kënnen ze maachen. An dat ass grad de Fall bei de Kanner. Kanner, déi egal wéi bis 18 Joer ëmmer affiliéiert sinn, onofhängeg dovunner, ob d'Elteren affiliéiert sinn oder net. Ech mengen, dat ass eng wichteg Informatioun, déi och bei aneren Associatiounen respektiv och Mouvementer, mat deenen ech Entrevuen hat, net ëmmer gewosst war. An et ass ee vun deene Punkten, op déi ech herno och wäert agoen. D'Informatioun ass ee ganz wichtige Punkt, déi och heiansdo op der Plaz wäert feelen.

Derniewent, mengen ech, hu mer jo grad och an der Quadripartite regelméisseg gekuckt: Wéi kréie mer grad dës Prise en charge par rapport zu de Familljen, zu de Kanner verbessert? An dofir, déi lescht Decisiounen, déi vun der Quadripartite respektiv mat der Regierung geholl gi sinn, si jo grad och eng 100%eg Prise en charge vun de Consultatiounen bei de Kanner, déi an deene leschte Joren iwwert d'Statute geregelt goufen. An ech mengen, dat bedeit, datt mer hei wierklech eng breet Ofsécherung hunn.

Derniewent ass et esou, wa mer Persounen hunn, déi och eng physisch oder eng psychologisch Behënnerung hunn, ass et och de Stat, deen aspréngt, fir eng Assurance kënnen ze maachen.

Dir gesitt also, datt mer hei schonn eng breet Couverture hu vun all deene Leit. Derbäi kënn dann nach, datt jo och nach kann eng fakultativ Affiliatioun stattfannen. Eng fakultativ Affiliatioun, déi ongeféier de Mount eng 116 Euro kascht, déi dann natierlech eng Stagezäit vun ongeféier dräi Méint huet, ier dann effektiv déi eenzel Gesondheetsleeschungen respektiv d'Krankeversicherung kann drop agräifen.

An ech mengen, dat ass e wichtige Punkt, dee mer hei mussen ernimmen, datt et grad fir déi fakultativ Affiliatioun och duergeet, wann eng Persoun, déi hei am Land wunnt, kann nowelsen, datt se effektiv am Land ass. Et ass dat eng Saach, déi ganz dacks ervirgehewe gouf, datt dat net géif akzeptéiert gi vum Centre commun. Neen, do ass effektiv eng grouss Overture vum Centre commun, fir effektiv och déi Residence kënnen ze akzeptéieren an deem Moment, wou déi entweder eng Déclaration d'hébergement maachen oder eng Bescheinigung maache vun enger Assignatioun vun enger Associatioun, déi den Encadrement vun deene Leit garantéiert, soudatt also de Centre commun an deem Moment och kann déi Affiliatioun maachen, déi sougenannte fakultativ Affiliatioun, soudatt déi Persoun also och ka couvriert ginn.

An derniewent ginn et jo eng ganz Rei vu Méiglechkeete vu Coassurancen, déi kënnen gemaach ginn: eng Coassurance ménage, eng Coassurance fir Kanner ënner 30 Joer, eng Coassurance placement zum Beispill, déi nach eng Kéier eng ganz Rei vu Leit effektiv couvriert.

Et ass awer kloer, datt déi heite Kritären net iwwerall gewosst sinn. An dofir ass et ëmsou méi wichtig, datt mer och hei déi eenzel Associatiounen an d'Bierger selwer nach eng Kéier kloer doriwwer informéieren, fir och effektiv drop hinzewisen, wat fir eng Méiglechkeeten datt et ginn. An ech mengen, grad och bei där Prise en charge vun deenen 116 Euro, wat déi fakultativ Cotisatioun betrëfft, ass de Rôle vun de Gemengen, vun de Sozialämter e ganz wichtige, déi hei ganz dacks asprangen, fir effektiv do dës Assurance ze maachen, dës Umeldung ze maachen, fir datt eben hannendrun och kënnen d'Fraise couvriert ginn.

An ech mengen, hei kann een och nëmmen de gudder Fonctionnement vun de Sozialämter effektiv ënnersträichen, gewosst, datt ganz dacks och Leit do sinn, déi eng Hand mussen ugepaakt kréien, fir eben deen dote Schrëtt ze maachen. An ech mengen, dat ass een éischte Volet, dee mer mussen verdéiwen, datt mer hei mussen Personal kréien, dat och kann déi Roll iwwerhuelen, fir eng Zort Streetworker ze spilen, fir déi Leit ze begleeten, fir deen administrative Schrëtt do ze maachen.

Ganz dacks sinn et déi, déi duerch déi Netzer falen, fir eben déi Assurance do kënnen ze maachen. Eppes ass awer och kloer: Wann an engem Spidol oder an engem Noutfall ee muss gehollef kréien, da kritt e gehollef. A wa keng Affiliatioun do ass a wa kee fir effektiv Fraisen opkënn, dann ass et de Stat, wou effektiv am Budgetartikel vun der Santé e spezifischen Artikel virgesinn ass, fir dës Käschte vun dëser Behandlung och kënnen opzegräifen.

Wéi ass et awer elo ëm d'Zukunft bestallt? Ech mengen, hei si fir mech zwou Pisten an hannendrun eng drëtt, déi méi allgemeng ze gesinn ass.

Eng éischt ass déi vun der Informatioun. An hei ass et wichteg, datt sech de Moment och grad d'Gesondheetskeess mam Centre commun, awer och aneren Institutiounen zesummen-deet, fir effektiv en Informatiounsdocument auszuschaffen, dat mer kënnen den Assuréeen, awer net nëmmen den Assuréeen, mä de Bierger, jiddwerengem, deen an eise Land ass, deen an eist Land kënn, aushändegen, fir déi eenzel Mechanismen ze erklären.

Niewent deem, wat ech gesot hunn, muss mer och Leit zur Verfügung stellen, déi effektiv eng Hand mat upake fir Leit, déi net méi amstand sinn, déi doten administrativ Schrëtt ze maachen. An derniewent mengen ech, grad ewéi Der zitéiert hutt, Här Cruchten, am Regierungsprogramm steet dran, datt mer och wäerte Pisten opzeeche fir déi Leit, déi de Moment duerch dat Netz falen. Där ginn et effektiv.

Dat si vläicht net déi 800, déi hei zitéiert ginn. Déi Zuele si jee nodeem schwéier vun eis aus moossbar, well dat administrativ Zuele si vun Associatiounen. Déi kann d'Sécurité sociale net moossen, well et der jo sinn, déi zum Deel laanscht de sougenannte Filet ginn. Mä grad hei, mengen ech, ass et wichteg. An ech hunn dofir och en Aarbechtsgrupp domadder beoptragt, mer do Pisten ze ginn, Optiounen ze developpéieren, wéi mer komplementar zu dem besteende System och hei kënnen d'Leit ofsécheren. Dat awer, wéi Dir et och gesot hutt, ouni vum Prinzip vun der obligatorescher Assurance kënnen ofzewäichen.

Mir wäerten op dem Prinzip vun der Cotisatioun bestoen, dat och virun allem, fir wéi och an anere Länner kënnen dovunner ofzegoen, datt mer hei eng Zort sozialen Tourismus kréien. Och dee wëlle mer net. Dat ass net de But dovunner. Et geet drëm, fir d'Leit, déi hei sinn, effektiv optimal kënnen ofzesécheren an och mat deenen néidege Leeschtungen kënnen ze betrieen. Ech mengen, dat ass ee wichtige Punkt.

Dann derniewent, mengen ech, ass ee Facteur, dee mer och ëmmer méi spieren, deen: Firwat kënnen Leit net op Gesondheetsleeschungen zrëckgräifen? Dat ass einfach, well se d'Moyenen net hunn, fir Geld virzestrecken. Hei gëtt et de Moment ee Moyén, dat ass den Tiers payant social, en Tiers payant social, deen heiansdo ganz komplizéiert ass, wou Leit sech och heiansdo schummen, fir deen iwwerhaupt unzefroen.

Och hei mengen ech, muss mer kucken, datt mer dee vereinfachen, datt e vill méi einfach geet. Mä virun allem hannendrun, mengen ech, muss de Wee dee sinn, an et ass een, deen ech och prônéieren, deen ech selbstverständlech prônéiere mat allen Akteuren zesummen, wat eng Plus-value och muss ginn, engersäits fir den Assuré, anersäits virun allem awer och fir den Dokter an och fir d'Gesondheetskeess, vun der Aféierung vum Tiers payant.

Den Tiers payant, mengen ech, soll an Zukunft och eng Richtung sinn, fir och déi dote Fäll opzefänken, déi zwar d'Assurance hunn, mä déi d'Moyenen net hunn, sech kënnen Leeschtungen, sief dat Leeschtungen a Verbesserung bei den Zänn respektiv bei anere Gesondheetsleeschungen, ze leeschten, well se d'Suen net hunn, fir déi kënnen virzestrecken. Hei muss den Tiers payant ganz einfach intervenéieren, fir och dat doten ze couvriieren.

An ech mengen, et ass eppes do, wou de Moment en Aarbechtsgrupp bei mir konkret dru schafft, wou mer scho ganz wäit komm sinn, fir och déi technesch Ëmsetzung dovunner ze garantéieren. An ech si mer, mengen ech, eigentlech ganz kloer, datt mer à moyen terme dat dote kënnen maachen. An dat wäert niewent deem besteende System, deen exzellent ass, nach eng Plus-value ginn zu eise System. An ech mengen, da kënnen mer soen, datt mer hei zu Lëtzebuerg eng exzellent Couverture hu vun eisen eenzelne Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunne respektiv hei zu Lëtzebuerg an eise Land sinn.

An deem Sënn Merci. An ech wäert natierlech och déi zoustänneg Chamberskommissioun regelméisseg informéieren, engersäits wat den Aarbechtsgrupp beim Ausschaffe vun deenen Alternativen ugeet, déi mer jo ausschaffen an

déi dann am Budget 2020 och sollen erëmfonnt ginn, well iergendwou mussen dat jo Cotisatioun sinn, déi bezuelt gi säitens vum Stat. Et steet jo dran: « à charge du budget », déi mussen jo dann erëmmen. Dofir hunn ech dem Aarbechtsgrupp gesot, datt e bis Enn 2012 (veuillez lire : 2019) soll Proposen hanerleeën, déi mer da wäerten erëmfannen am Budget vun 2020, fir déi dann och kënnen ze implizéieren. Op där anerer Säit den Tiers payant, soubal mer do méi konkret viruginn, wäerte mer selbstverständlech och d'Chamberskommissioun informéieren.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Minister. Ech gesinn, den Auteur vun der Fro ass ganz zefridde mat der Antwort an huet keng Zousazfro méi.

4. 7316 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 26 juillet 2002 sur la police et sur l'exploitation de l'Aéroport de Luxembourg ainsi que sur la construction d'une nouvelle aérogare

Domat kënnen mer bei deen nächste Punkt kommen, de Projet de loi 7316 iwwert d'Erweiterung vun der Exploitation vum Flughafen an iwwert d'Vergrößerung vun der Aerogare. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Serge Wilmes, den Här Frank Colabianchi, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen an den Här David Wagner.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dem Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, jo, ech presentéieren lech de Projet de loi 7316 - ech liesen lech en op Franséisch vir - portant modification de la loi modifiée du 26 juillet 2002 sur la police et sur l'exploitation de l'Aéroport de Luxembourg ainsi que sur la construction d'une nouvelle aérogare. Dir gesitt, et ass schonn en Text, deen e bësse méi al ass, dee mer elo ännere ginn. An ech versichen lech och ze erklären, wat mer änneren a firwat.

Beim virleiende Projet de loi 7316 geet et drëms, fir eng Gesetzesdispositioun esou ze ergänzen, datt si et der Regierung erlaabt, enger Firma, an hei geet et natierlech ëm lux-Airport, déi néideg Responsabilitéit fir d'Exploitation vum Lëtzebuurger Flughafen ze iwwerdreen.

► **Une voix.** - Ganz gutt!

► **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.** - Dat geschitt mat folgendem Zousaz am 2. Paragraph vum Artikel 2 vum Gesetz vum 26. Juli 2002 iwwert d'Exploitation vum Flughafen, an ech zitéieren: « les responsabilités d'exploitant d'aérodrome conformément aux dispositions européennes en vigueur en matière de gestion d'aérodrome ». Domadder ass da formalisteschesch a juristeschesch kloer präziséiert, datt déi designéiert Firma als Exploitant d'aérodrome net nëmmen d'Missioun vum Exploitant direct oder indirect erfüllt, mä am Aklang mat der EU-Gesetzgebung a speziell mam europäesche Règlement Nummer 139/2014 och d'Responsabilitéit derfir dréit.

Dës proposéiert Gesetzesännerung steet domadder indirekt an der Suite vun engem anere Gesetz vum 1. August vum leschte Joer. Mam Projet de loi 6895 iwwert d'ANA, d'Administration de la navigation aérienne, deen den 11. Juli 2018 hei am Haus gestëmmt gouf, goufen d'Kompetenzen an d'Missiounen, wat d'Gestioun vum Flughafen ueget, nei definéiert.

Bis zum Akraafttriede vun deem Gesetz vum 1. August 2018 louch d'Exploitation vum Flughafen näamlech deels bei der ANA, also enger staatlecher Verwaltung, an deels bei lux-Airport, dat heescht enger privaterechtercher Firma, déi zu 100 % an öffentlecher Hand ass.

Wéi de Statsrot a sengem Avis zum virleiende Gesetzesprojet erwänt huet, hat d'ANA eng generell Kompetenz fir d'operationell Gestioun vum Flughafen a lux-Airport eng Deelkompetenz, dat heescht fir eenzel iwwerdree Missiounen. Fir konform mat den neien EU-Regelen ze ginn, fir Kompetenzproblemer ze vermeiden a virun allem, dat ass dat wichtigst Element, fir d'Zertifikatioun vum Lëtzebuurger Flughafen bis Enn 2017 ze packen, hunn deemno an de leschte Joren eng Rëtsch Ännerunge misse virgeholl ginn, Ännerungen, an déi sech den haitege Projet de loi deemno areit.

De Statsrot huet keng Opposition formelle zu dësem Projet de loi gehat an aner Aweise si bis elo keng erakomm.

A sengem Avis huet de Statsrot allerdéngs op eng Inkohärenz an engem anere Paragraph vum selwechten Artikel vum Gesetz higewisen a proposéiert, dee betreffende Sazdeel einfach ze sträichen.

D'Kommissioun huet dës Propose vum Statsrot zrëckbehalen an huet de Rapport an der Sitzung vum 28. Mäerz 2019 ugeholl. D'Kommissioun proposéiert deemno der Chamber, de virleiende Projet de loi unzehuelen. An deem Sënn ginn ech heimadder och den Accord vun där grénger Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Back. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Serge Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes (CSV).** - Merci, Här President. Mir bleift net vill méi ze soen, wéi dem Rapporteur Merci ze soe fir säi Rapport an den Accord ze gi vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Wilmes. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Frank Colabianchi.

► **M. Frank Colabianchi (DP).** - Merci, Här President. An direkt weider mat de Mercien, och mat engem décke Merci un de Carlo Back, deen dee Rapport hei tiptopp schrëftlech an och mëndlech presentéiert huet. Een Dossier, deen net ganz duerchsichteg an net ganz licht verständlech ass. Ech muss soen, en huet dat tiptopp gemaach.

Hei ass ee Projet de loi, do eriwwege sech vill Diskussiounen. Firwat? Mir kommen net derlaanscht. Bedéngt duerch d'Zertifikatioun vum Flughafen an och duerch d'europäesch Reglementatioun ass hei kee Choix. An dofir géif ech och hei den Accord vun der DP-Fraktioun brénge.

► **Une voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Colabianchi. An da wier et um honorabelen Här Yves Cruchten.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Jo, villmools Merci. Och ech kann et kuerz maachen. Ech géif och gären dem honorabelen Här Back villmools Merci soe fir déi vill Méi, déi e sech gemaach huet mat deem Rapport. An ech kann d'Zoustëmmung vun der LSAP-Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Cruchten. An ech ginn d'Wuert dann direkt weider un den honorabelen Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech géif dann elo hei dem Här Carlo Back Merci soe fir säi Rapport an ech géif da soen, d'ADR stëmmt dëst Gesetz.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Engelen. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. An der Politik gëtt et ëmmer e Choix, well soss brauch ee sech net opstellen a wielen ze loosse. An da bräicht een och keng Diskussioun an dëser Chamber ze féieren.

Mir wëssen, datt et staark Pressiounen gi vun der Europäescher Union, fir alles ze liberaliséieren. Mir wäerten herno jo och nach iwwert de véierte Paquet ferroviaire diskutéieren, Saachen, déi ze condemnéieren sinn. Elo geet et weider, datt mer och d'Fluchhäfe lues a lues liberaliséieren respektiv privatiséieren. An deem Fall ginn erëm esou Fakte geschafen, dat heescht, datt u sech eng Société anonyme, déi zwar 100%eg dem Stat gehéiert, mä trotzdem eng Société anonyme ass, d'Gestioun vum ganze Flughafen wäert iwwerhuelen. Déi Société anonyme, déi awer net iwwert d'Kompetenzen an d'Capacitéite verfüegt, fir dat alles ze maachen.

A wann een dat esou richteg kuckt, da si mer an enger Situatioun, wou eng Privatgesellschaft u sech Saachen outgesourced kritt vun enger öffentlecher Administratioun, déi d'Aarbecht da mécht. Mä et ass duerno awer d'Privatgesellschaft, déi dat iwwerhëlt an déi derfir responsabel ass. Dat ass d'Welt op de Kapp gedréit. Mä ech wëll awer och drun erënneren, datt et souwisou och zu soziale Konflikter koom um Findel. An elo komme mer an d'Situatioun, et ass jo déi Tendenz, fir alles zu Privatgesellschaft



ten, Société-anonymmen ze maachen, wat an effentlecher Hand misst si respektiv misst bleiwen.

Mir hunn de Präzedenzfall beim Beispill Lux-Tram, wou, wann e Sozialkonflikt ass a wann iergendee Problem ass, de Minister da soe kann: Jo, mä bon, ech ka mech net amëschen, well et ass eng Privatgesellschaft. An d'Leit, déi do schaffen, déi ginn natierlech och anescht ers behandelt, och wann de Stat 100 % vum Kapital huet. Mir sinn an enger ganz anerer Logik, enger managerialer Logik, enger privater Logik, géint déi ee muss goen.

A Frankräich kënn et deemno wéi och zu engem Referendum iwwert d'Privatisatioun vum Aéroport de Paris zum Beispill. Mir schwätzen och iwwer Fluchhäfen. Mir schwätzen net iwwer eng Tankstell. Et ass scho wierklech bedenklech, datt Fluchhäfen, déi ganz wichteg Aufgaben hunn, y compris Aufgabe vun nationaler Souveränitéit hunn, u sech an d'Hänn vun enger privater Sociétéit mussen iwwergoen. Dat ass eng Tendenz, géint déi ee sech muss wieren. A mir stëmme géint dee Projet de loi.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Wagner. D'Regierung huet d'Wuert. Här Bausch, wannechgelift!

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Och Merci all den Deputéierte fir hir Bättrëg. Deene meeschte brauch ech näischt ze soen. Ech wëll awer dem Här Wagner soen, datt en awer hei e puer Saachen duerjerneeghäit.

Éischtens emol gött hei net duerch deen heite Gesetzesprojet alles privatiséiert, wat um Fluchhafen ass. Dat ass net richtig. Ech wëll drop hiweisen, datt dee ganze Sécherheitsberäich, also d'Fluchlooten, den Tower, d'ANA als staatlech Administratioun eng staatlech Administratioun bleift an datt och d'ANA zoustänneg ass fir d'Sécherheet am Fluchberäich an esou weider, um Fluchhafen, wéi d'Fliger erop an erofgehooll ginn, och wéi se geparkt ginn an esou weider. Déi ganz Kompetenzen, déi déi staatlech national Administratioun ANA hat, huet se behalen.

Dat Eenzezt, wat gemaach ginn ass, datt ass effektiv d'Gesamtgestioun vum Fluchhafen, wat jo eng kommerziell Gestoun ass, well do geet et jo net nëmme ëm dee Sécherheitsberäich an deen typeschen, effektiv staatlechen - kann ee soen - Souveränitätsberäich, mä do geet et och ëm Commercen, déi do geréiert musse ginn an esou weider, dat heescht ëm privat Fluchgesellschaften, mat deenen ee muss diskutéieren.

Déi ganz kommerziell Gestoun an d'gesamt Responsabilitéit vum Fluchhafen ass effektiv iwwerschrivven op lux-Airport, wat eng Gesellschaft ass, déi zu 100 % dem Stat och gehéiert, wëll ech hei nach eng Kéier ënnersträichen. An awer dee ganze Fluchhafen, déi eenzel Beräicher ginn iwwer sougenannte Service-Level-Agreementen vun der Gesellschaft lux-Airport erausginn u staatlech Gesellschaften, wéi zum Beispill, wann et ëm d'Sécherheet geet, hei d'ANA, wat dee ganze Beräich ubelaangt vun de Fluchlooten.

Also do ännert guer näischt par rapport zu haut. Dat war och d'Diskussioun, déi ech mat de Gewerkschaften hat, wéi mer déi Conciliatioun haten, déi Mediation haten. Dat ass jo alles och vu jiddwerengem ënnerschrivven ginn, déi Service-Level-Agreementen. Déi Texter sinn entre-temps och längst ënnerzeheet zur vollster Zefriddenheet vun deenen eenzelnen Akteuren um Fluchhafen. Also et kann een net einfach alles hei duerjerneegeheien an da behaupten, hei géife mer elo dee ganze Fluchhafen inklusiv d'Sécherheet un iergendeng Privatgesellschaft ginn, déi dat do géif maachen.

Et ass och net esou, datt duerch dat Gesetz hei de Fluchverkéier liberaliséiert oder de Fluchhafen liberaliséiert gött. Dat ass scho laang geschitt. Dat ass scho virun 10, 15 Joer geschitt. Also deen Zuch, Här Wagner, deen hutt Der verpasst viru 15 Joer, wann Der dat hätt wëlle bekämpfen. Do sinn ech awer ganz bei lech. Dat ass guer net de Punkt. Mä mir kënnen elo natierlech net maachen, wéi wann dat elo duerch dat Gesetz hei eréischt géif agefouert ginn. Dat gött et scho laang alles, dat ass Realitéit. Et gött kee Beräich an eiser Gesellschaft, dee méi liberaliséiert ass wéi de Fluchverkéier an de Fluchberäich. Wéi gesot, dat ass awer net duerch dat Gesetz hei, wou dat gemaach gött.

Hei maache mer just am Fong déi lescht Etapp vun deene ganze Verhandlungen, déi an där leschter Legislaturperiod waren, vun deene ganze Reformen, déi mer gemaach hunn, fir datt mer deen eenzege Fluchhafen, dee mer am Land hunn, näamlech eisen nationale Fluchhafen och esou opstellen, datt e kann existéieren an deem europäesche Kontext.

An dat huet natierlech och ze di mat der Zertiifikatioun vum Fluchhafen, wéi et hei schonn zu Recht gesot ginn ass, wéi mer déi ganz Prozedur duerchlaf hunn an der leschter Legislaturperiod. Mä wéi gesot, mir privatiséieren net de Fluchhafen duerch dëst Gesetz, éischstens. An zweetens, all déi sécherheetsrelevant Aspekter bleiwen a staatlecher Hand.

An doriwwer eraus gött et jo, niewebäi bemierkt, och nach den iwwergeuerndene Regulateur vun der Sécherheet um Fluchhafen, wat d'Direction de l'aviation civile ass. Et sinn déi schlussendlech, déi bestëmmen, wat um Fluchhafen Saach ass an der Sécherheet, am Sécherheitsberäich. Dat ass och eng staatlech Verwaltung. Also et soll een elo net hei den Däiwel un d'Wand molen. Bei allem Verständnis, wat ee kann hunn, iwwer iwwerméisseg Liberaliséierungsbestriewungen, déi oft an Europa waren an och nach souguer zum Deel do sinn, hei soll een awer net Saache matenee verwieselen, déi net mateneen ze verwiesele sinn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Den Här Wagner huet nach eng Kéier d'Wuert gefrot.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech hu guer näischt duerjerneegepucht. Ech hunn och net behaupt, dee ganze Fluchhafen gött privatiséiert. Ech hu justement gesot: Wat jo d'Saach e bësse méi pimentéiert, dat ass, déi national a staatlech Administratiounen, déi bleiwen natierlech bestoen an déi schaffe fir eng Privatgesellschaft, déi u sech dat Ganz iwwerhëlt.

(Interruption)

Ma dach, et ass en Outsourcing. Et ass en ëmgedreien Outsourcing, wéi mer dee kennen. A schlussendlech hu mer duerno e Fluchhafen, dee geréiert gött vun enger privater Gesellschaft mat 100 % effentlechem Kapital. A mir sinn herno och an enger Situatioun, wou d'Regierung ka soen, wann et iwwerhaupt zu engem Konflikt ka kommen, datt d'Regierung sech net kann amëschen an eng Société de droit privé.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - D'Regierung freet nach eng Kéier d'Wuert.

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.** - Dat ass natierlech net richtig, well wa mer bei deem bliwwen wären, wat virdu war, wou d'ANA als staatlech Administratioun de Gestionnaire gewiescht wär vum ganze Fluchhafen, dann hätt dat bedeit, datt mer déi ganz national staatlech Administratioun hätte misse komplett ëmkrempelen. Dann hätt déi missen ufänken, eng kommerziell Kontabilitéit anzeféieren, fir datt se kéint dat alles maachen.

Dat kënn Der lech jo virstellen, zu wat dat gefouert hätt, datt dat net ganz gutt an der Praxis gaange wier. An hei hu mer just duerch d'Aart a Weis, wéi mir et organiséiert hunn, wat och eng komplett aner Aart a Weis ass, wéi déi meescht aner europäesch Länner et gemaach hunn, derfir gesuergt, datt déi staatlech Administratioun kann an där Form bestoe bleiwen an hir sécherheetsrelevant Aufgabe weider maache wéi virdrun an derniewent awer an der Rei si par rapport zu deenen internationale Regeln, déi et ginn.

Also wéi gesot, dat ass net esou, datt déi Verwaltung, déi ... Wéi soll ech soen? Déi schafft eegestänneg an ass och eegestänneg fir d'Sécherheet zoustänneg. Si muss natierlech garantéieren, an dat ass jo awer normal an deem Kontrakt hei, datt se déi Sécherheetsaufgaben och esou erfëllt, wéi se verlaangt sinn an dem internationale Regimm. Mä dat war virdrun och net anescht. Mä et ass net esou, datt lux-Airport zum Beispill der ANA kann dräischwätzen, wann et drëms geet, de Fluchverkéier ze regelen an esou weider. Dat ass der ANA hir Kompetenz, wéi et se an der Vergaangenheet och war.

Et ass just, datt fir de gesamte Fluchhafen deen, dee muss riichtstoen herno, wann eppes schiffeelt, dat ass lux-Airport natierlech par rapport zu der EASA an esou weider, als Beispill den internationale Regulateur. Mä d'ANA kann hei a voller Autonomie par rapport zu deem Beräich, deen am Kontrakt steet, wat de Sécherheitsberäich ass am Fluchverkéier, voll hir Aufgab iwwerhuelen an ass och eleng responsabel.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7316. Den Text steet am Document parlementaire 7316².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7316 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7316 ass mat 56 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen ugehooll.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7316 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Éicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Paul Galles) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Gast Gibéryen) et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

5. 7254 - Projet de loi portant transposition de la directive (UE) 2016/2370 du Parlement européen et du Conseil du 14 décembre 2016 modifiant la directive 2012/34/UE en ce qui concerne l'ouverture du marché des services nationaux de transport de voyageurs par chemin de fer et la gouvernance de l'infrastructure ferroviaire

Mir kommen elo zum Projet de loi 7254, enger Direktiv iwwert d'Erëffnung vun den nationalen Zuchtransportservicer. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Marco Schank, den Här Frank Colabianchi, den Här Yves Cruchten, den Här Jeff Engelen, den Här David Wagner an den Här Marc Goergen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, jo, ech fänken direkt mam Waasser un, well des Kéier gött et e bësse méi ee laangen Exposé hei, wann ech iwwert d'Transpositioun an nationaalt Recht vum véierte Paquet ferroviaire schwätzen.

Dat ass een, wéi gesot, ganz interessante Projet, virun allem fir een, deen elo kuerz derbäi ass. En huet mer och erlaabt, e gewëssene Réckbléck ze maachen an eng Rei Saache feststellen, wéi gesot, datt mer awer och hei zu Lëtzebuerg, muss ech soen, nawell ganz gutt och am europäesche Kontext zuwee kommen.

Mä bon, kommt, mir kommen zrëck op eise Projet!

Den Objet vun dësem Projet de loi:

- d'Transpositioun vun der Direktiv 2016/2370/UE vum Europaparlament a vum Conseil vum 14. Dezember 2016, déi d'Direktiv 2012/34/UE ännert.

Wat ass dodran?

Et geet ëm d'Ouvertür vum Marché vun den nationale schinnegebondenen Transportnetzer fir Reesender, fir Persounen also, an d'Gouvernance vun den Infrastrukture vun der Eisebunn.

An dann een zweete Volet, dee mer och hei uginnt, dat ass d'Zesummeschweessen, also d'Reform vun der nationaler Eisebunns-gesetzgebung.

An ongeféier 15 Joer gouf versicht, de Secteur vum Transport op de Schinnen, Marchandise a Reesender gläichzäiteg, opzemaache fir d'Konkurrenz. Dëst huet véier Paquet-ferroviair mat sech bruecht. De véierte Paquet gouf am Abrëll 2016 fir seng Partie technique adoptéiert. Säu Volet politique gouf am Dezember 2016 adoptéiert. Et ass dëse Volet politique, dee mir hei ëmsetzen. Des Weidere maache mir eng Reform vun den nationale Gesetzestexter, déi sech op d'Paquets 3 a 4 baséieren.

D'Reform vun eiser nationaler Gesetzgebung:

Mat der successiver Ëmsetzung vun dëser europäescher Gesetzgebung huet och eis national Gesetzgebung an engem regelméissegem Rhythmus geännert. Dëst huet mat sech bruecht, datt eis national Gesetzgebung schwéier liesbar gouf. Fir eben des Lektür ze verbessern an eis Texter och juristesche ofzeséieren, gouf dës Refonte gemaach. D'Texter goufe fusionéiert an ugepasst.

Et handelt sech ëm dräi Gesetzestexter an zwee Reglementer. Den Detail dovunner kënn Der a mengem schrëftleche Rapport ..., an dem Rapport vun der Kommissioun, pardon, noliesen. Ech ginn elo net hei dorobber an.

An enger zweeter Etapp wäerten dann d'Direktiven, déi zum Pilier technique vum véierte Paquet ferroviaire gehéieren, ëmgesat ginn. Dat sinn d'Direktiven 2016/797 betreffend d'Interoperabilitéit vum Schinnentransportsystem an der EU an d'Direktiv 2016/798 iwwert d'Sécherheet um Schinnentransportsystem an Europa.

Éier mer elo am Detail op d'Direktiv 2016/2370 aginn, déi mir hei ëmsetzen, schéngt et mer nëtzlech a wichteg, fir d'Éischt e puer Wuert zum generelle Kontext vun dëser Direktiv am véierte Paquet ferroviaire am Generellen ze soen, well et si jo eng ganz Rei Leit, mengen ech, heibannen, déi d'Chance net haten, dëst an der Vergaangenheet mat ze begleeten.

D'Ambitioun vun der EU resuméiert sech am folgende Saz: « vers un espace ferroviaire unique européen ». D'europäesch Politik betreffend den Transport op de Schinnen huet versicht, esou wéi et schonns an anere Secteure gemaach gouf, eng Harmoniséierung an eng Liberaliséierung vun dësem Secteur erbaizeféieren, dëst iwwer eng Dynamiséierung vun dësem Transportsektor, déi dra besteet, de Marché opzemaache fir méi Konkurrenz an duerch d'Schafe vun engem europäeschen Transportsystem, genannt „Espace ferroviaire“.

Dës Politik huet 1991 ugefaangen, an engem Moment, wou, wéi Der all wësst, dësen Transportsystem sougutt national wéi och europäesch an engem schlechten Zoustand war.

Eng éischt Direktiv hat d'Zil, fir déi jeeweileng national Eisebunnsfirme méi onofhängeg vum Stat ze maachen a war an deem Sënn deen éischte Schrëtt a Richtung Trennung vun der Gestoun vum Eisebunnsnetz. Déi Gestoun begräift dann och, wéi gesot, nei Strecken eventuell ze maachen an och den Entretien vum Eisebunnsnetz ze trenne vun der Exploitatioun vum Netz, wat also op de Schinne fiert.

1996 gouf dunn den éischte Livre blanc publié mam Titel « Une stratégie pour revitaliser les chemins de fer communautaires », mat deem d'EU-Kommissioun ugekënnegt huet, an Zukunft méi e breet a kohärent legislativ Arsenal op den Instanzewee ze bréngen, dat heescht déi zukünfteg Approche mat besser openeen ofgestëmmte Gesetzespaketen.

Éischte Paquet ferroviaire: Dat war 2001.

Deen éischte Paquet ferroviaire huet de Wuerentransport, de Fret, liberaliséiert. E schreift och eng legal a fonctionnel Separatioun tëscht dem Gestionnaire d'infrastructure, also dem Schinnennetz, an der Entreprise ferroviaire vir, déi zoustänneg ass, Persounen oder Gidder ze transportéieren.

Zweete Paquet ferroviaire: 2004.

Den zweete Paquet huet d'Liberaliséierung vum Giddertransport iwwert d'Schinnen nach méi wäit ausgebaut respektiv den internationale Giddertransport opgemaach fir d'Konkurrenz. Des Weidere gouf eng Agence ferroviaire européenne kreéiert.

Dann den drëtten Paquet ferroviaire: 2007.

Deen drëtten Paquet huet d'europäesch Schinnennetz fir d'Konkurrenz um internationale Reesenderservice opgemaach an huet de Cabotage agefouert. Dat heescht - Cabotage -, datt d'Reesender kënnen an engem anere Land aus dem Zuch gelooss ginn oder eragehooll ginn an datt dës Firma och muss kënnen Tickete fir dës „kleng“ Cabotage-Strecken an engem anere Land verkafen. Dës Direktiv huet